# Nohaltegkeet bei de Lëtzebuerger Guiden a Scouten

**Positiounspabeier vum Aarbechtsgrupp Nohaltegkeet - September 2022**

**Kontakt: nohaltegkeet@lgs.lu**

*"Try and leave this world a little better than you found it"*. Dëse wichtege Message vum Baden Powell wëlle mir eise Jonke mat op de Wee ginn. Zesumme wëlle mir Verantwortung iwwerhuelen an eis engagéiere fir eng nohalteg Welt.

Am Joer 2015 hunn d'Vereenten Natiounen (United Nations) 17 Ziler fir nohalteg Entwécklung, d'SDG'S (Sustainable Development Goals) gestëmmt. Dës solle bis 2030 erreecht sinn.

2017 huet WOSM (World Organization of the Scout Mouvement) d'Campagne "Scouts for SDG'S" gestart fir weltwäit 50 Millioune jonk Mënschen ze beweege sech fir dës Ziler a fir eng besser Welt anzesetzen.

Mir als Guiden a Scoute liewen an a mat der Natur, engagéieren eis fir d'Gesellschaft an erliewen aner Kulturen. Dës Erliefnisser doen eis eng déif Verbonnenheet mat eiser Ëmwelt an eise Matmënschen ze fillen, an e Bewosstsinn fir d'Erausfuerderungen ze entwéckelen. Si sinn de Grond firwat mir eis wëlle fir eng besser Welt asetzen.

Heibäi beruffe mir eis op déi 3 Piliere vun der Nohaltegkeet:

» **Ökologesch**: Mir schounen eis natierlech Ressourcen an halen eisen ökologesche Foussofdrock sou kleng wéi méiglech.

» **Sozial**: Mir leeë beim Organiséiere Wäert op d'Aspekter vum fairen an etheschen Handelen an der Solidaritéit mat Aneren (Inclusioun an Internationalitéit).

» **Ekonomesch**: Eis nohalteg Aktivitéite solle fir all eis Memberen elo an och an Zukunft finanzéierbar bleiwen.

Mat dëser Resolutioun wëlle mir festhalen, wéi mir bei de Lëtzebuerger Guiden a Scouten, d'Nohaltegkeet liewen a virliewe wëllen.

D'Nohaltegkeet bei de Lëtzebuerger Guiden a Scouten soll a folgende Beräicher konkret thematiséiert ginn:

» De Verband setzt sech dofir an, dass Nohaltegkeet méi déif an d'Formatioun vun eise Chef verankert gëtt.

» De Programm soll eise Membere flott Erliefnisser erméiglechen, wou d'Thema Nohaltegkeet op spilleresch, spannend an aktiv Aart a Weis behandelt a gelieft gëtt.

» De Comité mam Verbandsgrupp sëtzt sech dofir an, dass d'Nohaltegkeet hir Plaz bei allen nationalen Aktivitéiten huet. Bei der Organisatioun vun Aktivitéite gëtt sech un enger Checklëscht orientéiert, déi en nohaltegt Event an alle Beräicher (Ravi, Infra, Transport, Material, asw.) erméiglecht.

» Bei der Gestioun vum LGS-Home wëlle mir de Volet Nohaltegkeet mat Hëllef vu Richtlinne berécksiichtegen.

» Den Nohaltegkeetsaarbeschtsgrupp ënnerstëtzt de Verband a seng Memberen an deem si Dokumenter zur Nohaltegkeet bereet stellen, souwéi Propose fir Aktivitéiten a Formatiounen ausschaffen.